



Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/01/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aussenugeleeënheeten an Europa, Mobilitéit & Wirtschaft weiderzeleeden.

Op d'Äntwert op d'Fro 596 vum 3ten Abrëll 2019 hat d'Regierung erkläert, dass d'Qatar Airways deemools annoncéiert haten, eng Laangstreckeverbindung tëschent Doha an dem Findel am Passagéierfluchberäich wéilten opzebauen. Bis haut ass dës Annonce awer ni realiséiert ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Besëtzt d'Regierung Kenntnis doriwwer, ob zu Lëtzebuerg aktuell iergendwellech Laangstreckefluchverbindungen am Passagéierfluchberäich geplangt ginn? Falls jo, wéi eng Airlines hunn sech bis ewell zu Lëtzebuerg ëmfrot an ëm wéi eng Destinatiounen handelt et sech?
2. Goufen et an der Vergaangenheet oder ginn et aktuell oder an Zukunft, Gespréicher oder Verhandlungen tëschent dem Tourismusministère an Airlines, fir Laangstreckendestinatiounen op Lëtzebuerg ze kréien?
3. Wéi gesäit et aus mat den Ukënnegungen vu Qatar Airways, fir d'Streck "Findel-Doha" ze fléien?
4. Am Hannergrond vum Klimawandel an den Emissiounen vun der Fluchindustrie, sinn Direktverbindungen iwwer Laangstreckefluch besser ewéi déi Kuerzstreckefluch a Tësche-stopps? Gesinn d'Ministeren den Trend am Ausland, dass no dëser Pandemie méi Direktverbindungen wäerten organiséiert ginn, ouni mussen iwwert grouss Dréikräizer ze fléien?
5. Wëssend, datt d'Luxair grad Charterfliegeren op Dubai ubitt, plangt eis national Airline och Direktfluch op méi wäit geleeën Destinatiounen unzebidden? Falls jo, consideréiert de Verwaltungsrot vun der Luxair dofir och den Airbus A321LR ze bestellen, fir esou selwer kënne Laangstreckefluch vum Findel aus unzebidden?



6. Wär, am Kader vun der post-trumpscher Ära an engem Opliewe vun der lëtzebuergesch-amerikanischer Frëndschaft, eng Direktverbindung tëscht Lëtzebuerg an enger Destinatioun an de Vereenegte Staaten ubruecht?
7. Wat ass dem Mobilitéitsminister seng Positioun zu Laangstreckeverbindungen? Ass de Minister fir een Ausbau vu Laangstrecken oder dogéint?
8. Wéi wichteg schätzt de Wirtschaftsminister Direktverbindung mat wéi wäit geleeënen Destinatiounen an a wat ass den Impakt vun dëse Verbindunge fir eis Economie?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Député

